













# Interesséiert?

## Kontakt & Informatiounen

Administration des douanes et accises
Service Recrutement

☎ 2818 - 2800
✉ douanes.recrutement@do.etat.lu
douanes.lu

**MELL DECH ELO!**

Impressiounen
aus dem Déngscht
an der Formatioun
**https://gd.lu/1GS9tf**

Mell dech &
gëff Deel
vun eiser Ekipp!



GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Administration des douanes et accises




# Bass de prett?

DENG BERUFFLECH ZUKUNFT
BEI DER DOUANE

# Allgemenges

## Konditiounen, Prozedur & weider Detailer

Mir bidden dir:

> Eng ofwiesslungsräich Aarbecht a villfälteg Aufgabeberäicher
> Individuell berufflech Entwécklung duerch reegelméisseg Weiderbildungen
> Fräiwëlleg Aktivitéiten nieft der Aarbecht (Schéissen, Wanderen, Keelen, Lafen, Vëlo, Fussball, Musek)

Mir erwaarde vun dir:

> Leeschtungsbereetschaft
> Teamfäegkeet
> Präzisioun a Flexibilitéit
> Gutt Kommunikatioun a Liichtegkeet am Kontakt mat Aarbechtskolleegen a Clienten

Konditiounen:

> Lëtzebuerger Nationalitéit
> Reussite am Staatsexame fir de jeeweilege Groupe de traitement

De Ministère de la Fonction publique organiséiert ee- bis zweemol am Joer en Exame fir déi verschidde Groupes de traitement.

GovJobs
Vos talents au service du citoyen

Fir weider Detailer iwwert de Staatsexamen an d'Prozedur, kuck op **gd.lu/bHfQbL**

Fir dech am nächste Staatsexamen anzeschreiwen, kuck op **gd.lu/cnckMg**

# Berufflech Perspektiven

## Groupes de traitement A1 an A2

Aufgabeberäicher:

> Ausschaffen an ëmsetze vu legalen Dispositiounen
> Iwwerwaachen an auditéiere vu Firmaen
> Geréiere vun operationelle Servicer
> Plangen an entwéckele vun informateschen Applikatiounen
> Encadréiere vum Personal

Gesichte Profiller:

> Juristen
> Daten Analysten
> Ekonomisten
> Informatiker
> Psychologen
> Spezialisten am Audit an an der Comptabilitéit
… an nach vill aner Spezialisatiounen

Ofschloss:

> A1: Master
> A2: Bachelor

## Groupes de traitement B1 an C1/D1


Aufgabeberäicher

- mat administrativem Schwéierpunkt:
  > Audit
  > Autossteier
  > Accisebüro & Schanklizenzen
  > Douanesbüro
  > Direktioun
- mat operationellem Schwéierpunkt:
  > Wuerekontrollen am Import an Export
  > Passagéierskontrollen um Findel
  > Kontroll vun der Autossteier
  > Kontrollen an de Beräicher Transport, Restauratioun an Ëmwelt
  > Sécherheet am ëffentlechen Transport
  > Drogebekämpfung

Ofschloss:

> B1: Première aus dem Enseignement Secondaire oder equivalent
> C1/D1: 5 Joer am Enseignement Secondaire ofgeschloss oder en DAP oder equivalent

# Etappe bis zu der Ustellung




Am Prinzip dauert de Stage zwee Joer, mee ka bei entspriechender Beruffserfarung bis op ee Joer reduzéiert ginn.